N°7707
Entrée le 11.04.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7707 vun den honorabelen Deputéierte Martine Hansen an Diane Adehm**

Ech soen den honorabelen Deputéierte Merci fir hir parlamentaresch Fro, déi et erlaabt, eng Rei vu Kloerstellungen a Bezuch op de Luxembourg Science Center ze maachen.

De Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE) huet zwou Zorte vu Konventioune mat der Asbl Luxembourg Science Center – Groussgasmaschinn (LSC). Donieft finanzéiert de Science Center sech duerch aner ëffentlech a privat Gelder an huet och Recetten duerch de Verkaf vun Entréesticketen.

Déi éischt Konventioun betrëfft d'Aktivitéite vum LSC. Hei contribuéiert de MENJE zum Finanzement vum Science Center mat enger finanzieller Ënnerstëtzung. Bei der zweeter Zort vu Konventioune finanzéiert den Educatiounsministère d'Acquisitioun vun den Experimentalstatiounen, déi am Science Center gewise ginn.

Den Educatiounsministère huet am Fall vu béide Konventiounen an deene vergaangene Joren déi Prozeduren a Kontrollen applizéiert, déi am Fall vun enger Collaboratioun mat enger Asbl am Kader vun enger Konventioun virgesi sinn.

Am Kader vun de Statiounen, déi gebaut goufen, huet de MENJE am Virfeld en Devis vun de Käschte kritt a virum Ausbezuelen am Detail d'Opschlësselung vun den Depensë fir all d'Statiounen iwwerpréift. D'Depensë louchen dobäi am Kader vun deem, wat fir vergläichbar Installatioune fakturéiert ginn ass. Insgesamt goufen 90 Statioune bezuelt mat engem Gesamtmontant vu 5.464.452 EUR tëschent de Joren 2016 an 2022.

Am Kader vun der Konventioun, déi d'Aktivitéite vum LSC ofdeckt, huet d'Asbl all Joer d'Decompten eragereecht, déi iwwerpréift gi sinn. De Finanzement louch am Joer 2022 bei 2.862.500 EUR; an dësem Budget sinn 63 % Personalkäschten abegraff.

Um Niveau vum Contrôle vun de Finanze vum LSC kann zeréckbehale ginn, datt d'Depensë vun der Asbl dokumentéiert waren, vun der Asbl justifiéiert goufen an am Verglach mat aneren Aktivitéiten net exageréiert waren.

Parallel dozou huet sech d'Zesummenaarbecht mat der Asbl allerdéngs als schwiereg erwisen, well et an der Gestioun un Transparenz a Professionalismus gefeelt huet. Den LSC huet sech iwwert d'Jore reegelméisseg net un d'Prozedure gehalen, an ass da vun de Servicer vum Educatiounsministère an dem Contrôle financier vum Finanzministère dorop higewise ginn.

Dëst Verhalen huet den Educatiounsministère uganks 2022 dozou beweegt, fir a Gespréicher mat dem LSC iwwert déi zukünfteg Gouvernance vum LSC ze trieden. Konkret ass et dem MENJE doröms gaangen, am Fall vun engem bedeitende staatlechen Investissement an d'Infrastruktur vum LSC, och déi staatlech Kontroll iwwer d'Aktivitéite sécherzestellen. Och gouf iwwer aner Rechtsforme fir d'Asbl Luxembourg Science Center – Groussgasmaschinn geschwat.

Am September 2022 ass den Educatiounsministère vun engem Member vum Conseil d'administration vum LSC confidentiel kontaktéiert ginn, dee follgend Virwërf erhuewen huet:

- De President vun der Asbl géing sech e Salaire als Direkter vum LSC ausbezuele loossen, iwwer deen de Verwaltungsrot net am Bild war.
- De President géing eng ontransparent Finanzgestioun maachen.
- D'Propriétés intellectuelles vun de Statiounen an Aktivitéite vum LSC géinge weiderhin bei där Societéit leien. Domat wier den LSC strukturell a laangfristeg un déi Sociétéit gebonnen.
- De Conseil vun der Asbl wier just marginal an de Fonctionnement vun der Asbl agebonnen a wier net genuch um Courant, wat grouss Decisiounen ugeet. D'Membere vun der Asbl géinge praktesch exklusiv aus Persoune bestoen, déi an engem Ofhängegkeetsverhältnis zu dem President vun der Asbl géinge stoen.

Déi erhuewe Virwërf leien um Niveau vun der Gouvernance vun der Asbl a vun der Notzung duerch d'Asbl vun de Ressourcen, déi vun der ëffentlecher Hand zur Verfügung gestallt gi sinn. Béid Elementer ënnerleien der direkter Verantwortung vum Verwaltungsrot vun der Asbl.

Béid Elementer entzéien sech allerdéngs och de Prozeduren déi et beim Staat gëtt, fir de Contrôle vun Aktivitéiten, déi am Kader vu Konventioune finanzéiert ginn.

Aus dësem Grond huet den Educatiounsministère de Membere vum Verwaltungsrot vum LSC den 10. September 2022 matgedeelt, datt eng weider Zesummenaarbecht nëmmen ënnert follgende Konditioune méiglech wier:

- Keen Interessenskonflikt méi um Niveau vum President vum Verwaltungsrot.
- Opléise vun de Relatiounen tëscht dem Science Center an der Societéit, déi dem President vum Verwaltungsrot gehéiert.
- Kloerstellen, datt d'Propriétés intellectuelles vun de Konzepter a Statioune beim Science Center leien.
- Presenz vum Staat an der Gouvernance-Struktur vum Science Center.

De Verwaltungsrot huet sech kuerz duerno schrëftlech un de Ministère adresséiert an e Konstrukt proposéiert, an deem d'Asbl de Besëtzer vun der Societéit gi wier, ouni datt béid Strukturen zesumme gefouert gi wieren, an ouni datt den Interessenskonflikt vum President vum Verwaltungsrot vum LSC opgeléist gi wier.

De Ministère huet op en Neits ënnerstrach, datt kloer an transparent Strukture sollte geschafe ginn an huet, fir Kloerheet an den Dossier ze kréien, d'Finanzinspektioun via de Finanzministère ageschalt. Enn Dezember ass d'Demande erausgaang, fir déi aktuell Struktur vum LSC ze analyséieren a Propositiounen zu der zukünfteger Gouvernance ze maachen. Déi Analys ass den Ament nach amgaang.

Op Basis vun där Analys wäert de Ministère dann decidéieren, ob a wéi eng Moossnamen ze ergräife sinn.

Lëtzebuerg, den 11. Abrëll 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH